# Par Parc Our Saint-Nicolas

## Faaschtenzäit



Foto: KANN-Bild


**Parbréif Nr 2/2025**

**1. Mäerz – 13. Abrëll 2025**

# DIGNITÉ HUMANITÉ

DES VALEURS, UN ENGAGEMENT

2025



Crédit photo : Jorge Valente - partage.lu

partage.lu

# Matdeelungen

## *Parbüro – kuerz Notiz:*

Tëscht dem 04. Abrëll – 15. Abrëll 2025 ass eise Parbüro zu de Büroszäiten net besat. Bei wichtegen Uleies kënnt Dir gär per Mail op parc-our@cathol-lu schreiwen. Mir äntweren sou séier wei méiglech op Är E-Mail.

## *Concert zu Duerscht an der Kierch*
*Freideg, de 07. Mäerz 2025 um 20:00 Auer*

Freideg de 07.03.2025 um 20:00 Auer ass an der Kierch zu Duerscht e Gospel-concert, organiséiert vum Éislecker Gospelchouer.




## *Weltgebietsdag vun de Fraen*
*Freideg, den 7. Mäerz 2025*

D'Frae vun alle Konfessiounen luede nees an op hire Weltgebietsdag den 7. Mäerz 2025.

D'Virlag kënnt dëst Joer vun de Cookinselen an huet d'Thema:
« wunderbar geschaffen ».

Den ACFL-Gottesdéngscht ass um 15.00 Auer an der Kierch Saint-Jacques le Majeur zu Ruedt-Syre.

## *Jugendmass zu Wilwerdang an der Kierch*
*Samschdeg, de 15. Mäerz 2025 um 19:00 Auer*

Samschdeg de 15.03.2025 um 19:00 Auer ass zu Wilwerdang an der Kierch eng Jugendmass.

## *Concert zu Mierschent an der Kierch*
*Sonndes de 23. Mäerz 2025 um 17:00 Auer*

Sonndes de 23. Mäerz 2025 um 17:00 Auer ass an der Kierch zu Mierschent e Barockconcert, gespillt gi Meisterwerke aus der Zeit Jean-Jacques Rousseau's, organiséiert vum KAMMERATA Luxembourg.

## *Kaffiskränzche am Centre Culturel Housen*
*Sonndes, den 13. Abréll 2025 um 14:30 Auer*

Invitatioun vun den Fraen a Mammen Housen:

Sonndes, den 13. Abréll 2025 sidd Dir ab 14.30 Auer all ganz häerzlech an de Centre Culturel zu Housen agelueden.

Mir hu gebastelt an Dir kënnt Iech eng nei Fréijoers- an Ouschterdeko eraussichen.

Bei eiser flotter Tombola beweist Dir, wéi ëmmer, Är glécklech Hand.

Och fir Ënnerhalung, Iessen a Gedrénks wäerte mir suergen.

Kommt a verbréngt e puer gemittlech Stonne mat äis!

*De Comité*

## *Concert zu Eesbech an der Kierch*
*Samschdeg, de 26. Abréll 2025 um 19:00 Auer*

Samschdeg de 26. Abréll 2025 um 19:00 Auer ass an der Kierch zu Eesbech e Concert ënnert der Direktioun vum Ronny Mergen, organiséiert vun de Feierowendsänger Colmer-Bierg.

*Massbestellung op E-Mail: parc-our@cathol.lu*

# Gottesdéngschtuerdnung

## 8. Sonndeg am Liesjoer C

***1. Lies.: Sir 27,4-7; 2.Lies.: 1 Kor 15, 54-58; Ev.: Lk 6,39-45***

***« All Bam gëtt u senge Friichten erkannt. »*** *(Lk 6,44)*

Am Evangelium vun dësem Sonndeg weist de Jesus äis mat kuerze Gläichnësser, wéi mir e richtegt  a weist Liewe kënne féieren an Aen hunn, déi gutt gesinn an net blann sinn. Dat erkënnt een virun allem un deene Friichten, déi mir droen. Dës Friichte sinn esouwuel eis Handlungen an eis Wierder. Deen, dee gutt ass, gesäit och an deenen aneren dat Gudd a bauscht dat Schlecht net op, mee ass baarmhäerzeg mat deenen aneren, well hien sech och senge Feeler bewosst ass. Hien schwätzt och net schlecht vun deenen aneren a kritiséiert alles, well dat zerstéiert d'Famill an d'Gemeinschaft. Loosse mir äis dofir froen: Wéi eng Friichten droen ech? Wéi kucken ech op déi aner a wéi schwätzen ech vun hinnen? Gesinn ech meng eege Feeler a sinn e bereet, fir d'éischt mech ze besseren, éier ech probéieren, déi aner ze änneren? Loosse mir äis de Jesus als Beispill huelen, da kënne mir gutt Friichte brengen a sécher Weeweiser fir déi aner sinn.

| | | |
|---|---|---|
| **Samschdeg, 01.03.2025** | | **Heiliger Albinus,** *Bischof von Angers (+ 550)* |
| Näidsen | 15:00 | **Hochzäit** vun Steve Saurfeld a Jessica Zahnen |
| Baastenduerf | 19:00 | Virowendmass fir Théo Heger |
| **Sonndeg, 02.03.2025** | | |
| Mierschent | 09:00 | Mass zu Éieren vum hellegen Albinus,<br>6. Wochemass fir Marie-Antoinette Schaeler |
| Konstem | 09:15 | Mass zu Éieren vum hellegen Albinus,<br>4. Joermass fir Marcy Jacoby-Dumong,<br>3. Joermass fir Bertha Thilgen-Dumong<br>an Joermass fir Yvonne Lutgen-Adler |
| Housen | 10:30 | Mass |
| *zur selwechter Zäit:* | | **Kannerwuertgottdéngscht** |
| Veianen-TK | 10:30 | Houmass |

**Méindeg 03.03.2025**

| | | |
|---|---|---|
| Veianen-SA | 10:15 | Mass |

**Dënsdeg, 04.03.2025** **Heiliger Kasimir,** *Königssohn (+1484)*

*keng Mass*

## Ufank vun der Faaschtenzäit – Début du Carême

## Äschermëttwoch – Faascht- an Abstinenzdag Mercredi des cendres

***1. Lies.: Joel 2, 12-18; 2. Lies.: 2 Kor 5, 20 - 6, 2; Ev.: Mt 6, 1-6.16-18***

***« Dot uecht, datt dir net är gerecht Wierker bei de Leit zou maacht,***
***fir vun hinne gesinn ze ginn,***
***soss kritt dir kee Loun vun ärem Papp am Himmel ! »*** *(Mt 6,1)*

D'Faaschtenzäit ass d'Zäit vun der Ëmkéier, der Verséinung an deene gudde Wierker. Mir sollen an dëser Zäit bewosst op Konsum verzichten, méi bieden an mat deenen Aarmen deelen. Mee déi Haltung, an der mir dat alles maachen ass wichteg. Et soll äis dem Herrgott méi no bréngen an him Eier maachen. Et soll äis och deenen anere Mënschen méi no bréngen, besonnech deenen, déi äis Hëllef brauchen. De Jesus huet déi meescht vu senge Wonner diskret gewierkt an net séng Eier, mee d'Eier vu sengem Papp am Himmel gesicht. Wa mir mat eise gudden Aktiounen eis eegen Eier an d'Luef an d'Unerkennung vun de Mënschen sichen, da verdierft dat se a brengt äis méi wäit vum Herrgott an deenen aneren ewech. Loosse mir dofir alles aus enger echter Léift zum Herrgott an de Mënschen maachen, op hien vertrauen, deen dat, wat verbuergen ass, gesäit, an eise onvergängleche Loun vun him erwaarden

**Mëttwoch, 05.03.2025**

| | | |
|---|---|---|
| Veianen-SB | 10:30 | Mass fir Äschermëttwoch |
| Housen | 18:00 | Mass |
| Baastenduerf | 18:00 | **Familljemass** fir Äschermëttwoch |

**Donneschdeg, 06.03.2025** **Heiliger Fridolin von Säckingen** *(+ 6./7. Jht.)*

| | | |
|---|---|---|
| Laaschent | 19:00 | Mass fir d'Verstuerwe vun der Famill Winandy-Schmit-Koob-Pletgen |

**Freideg, 07.03.2025** **Heiligen Perpetua und Felizitas** *(+ 203)*

*Kee Rousekranz*

## 1. Faaschtesonndeg – «Invocabit» – C

***1. Lies.: Dtn 26, 4-10; 2. Lies.: Röm 10, 8-13; Ev.: Lk 4, 1-13***

***« Du solls den Här, däi Gott, net op d'Prouf stellen »*** *(Lk 4,12)*

Mat dësem Zitat aus der Helleger Schrëft äntwert de Jesus op déi drëtt a lescht Versuchung vun Däiwel, deen hien opfuedert, sech vun der Spëtzt vum Tempel erofzegeheien, fir opzefallen a vun de Leit bewonnert ze ginn. De Jesus sicht net d'Eier vun de Mënschen mee geet hir aus de Féiss. Hien zitt sech zeréck, wa si kommen, fir hien zu hirem Kinnek ze maachen. Hien wierkt kee Wonner fir sech selwer. Hien klëmmt och net vum Kräiz erof, wann hien dozou opgefuerdert gëtt fir ze weisen, datt hien de Jong vum Herrgott ass. Hien vertraut bis zum Schluss, bis an den Doud, sengem Papp am Himmel a gëtt säi Liewen a seng Hänn. Grad dofir gëtt hien erhéiert an an der Operstéiung geéiert. Hien invitéiert äis, et dselwecht ze maachen. Och mir sollen äis dem Herrgott senger Virsuerg a Baarmhäerzegkeet unvertrauen an net u senger Léift a Guttheet fir äis zweifelen a si erausfuerderen.

| | | |
|---|---|---|
| **Samschdeg, 08.03.2025** | | **Heiliger Johannes von Gott** *(+1550)* |
| Wuelessen | 18:00 | Virowendmass fir Jos Bourgmeyer<br>an seng verstuerwe Geschwëster,<br>fir Marlène Bourgmeyer-Johanns an Elteren<br>a fir d'Famill Bourgmeyer-Michels,<br>Mass fir Charel a Sisy Bock-Dimmer |
| Branebuerg | 19:00 | Virowendmass |
| **Sonndeg, 09.03.2025** | | |
| Stolzebuerg | 09:00 | Mass fir Hilda Gils-Groeff |
| Houschent | 09:15 | Mass als 6 Wochemass fir Lydie Faber-Welbes |
| Housen | 10:30 | Mass fir Henri a Hanna Kails-Foeteler |
| *zur selwechter Zäit:* | | **Kannerwuertgottdéngscht** |
| Veianen-TK | 10:30 | Houmass |
| **Méindeg, 10.03.2025** | | |
| Veianen-SA | 10:15 | Mass |
| **Dënsdeg, 11.03.2025** | | |
| Veianen-SB | 10:45 | Wuertgottesdéngscht |
| Holztem | 10:45 | Mass *(Foyer)* |

| | | |
|---|---|---|
| **Mëttwoch, 12.03.2025** | | |
| Housen | 10:00 | Mass *(Kapell* |
| **Donneschdeg 13.03.2025** | | |
| | | *Keng Mass* |
| **Freideg, 14.03.2025** | | **Heilige Mathilde** *(+ 968)* |
| Housen | 19:00 | Rousekranz *(Kapell)* |

## 2. Faaschtesonndeg – «Reminiscere» – C

*Kollekte: «Für die sozialen Werke der Erzdiözese».*

***1. Lies.: Gen 15, 5-12.17-18; 2. Lies.:; Phil 3, 17 - 4, 1 Ev.: Lk 9, 28b-36***

***« De Moses an den Elias sinn an Herrlechkeet erschéngen an hunn iwwert dem Jesus säi leschte Wee geschwat, deen sech zu Jerusalem erfëlle sollt. »*** *(Lk 9,30-31)*

Beim Lukas kënne mir liesen, wouriwwer de Moses an den Elias sech mam Jesus um Bierg ënnerhalen hunn. Et geet drëms, dem Jesus säi leschte Wee vu Leiden, Doud an Operstéiung vun der Helleger Schrëft hir ze bestätegen. De Jesus geet dee Wee, deen fir de Messias am Alten Testament ugekënnegt gi war, och wann hien domat bei deenen Iewechten Ustouss erreegt a vun hinnen ofgeleent gëtt. Doduerch sollen seng Jünger a mir all am Glawen un hien bestäerkt ginn an dozou ermontert ginn, deem Jesus op sengem Kräizwee nozegoen fir och Undeel u senger Operstéiung ze hunn.

| | | |
|---|---|---|
| **Samschdeg, 15.03.2025** | | **Heiliger Klemens Maria Hofbauer** *(+1820)* |
| Eesbech | 18:00 | Virowendmass |
| Baastenduerf | 19:00 | Virowendmass fir Romain Lentz,<br>Mass als Undenken un déi verstuerwe<br>Bewunner vum Baastenduerfer Haus |
| Veianen -TK | 19:00 | Missa em Português |
| **Sonndeg, 16.03.2025** | | |
| Furen | 09:00 | Mass fir Jean-Pierre Theis,<br>Mass fir fir d'Familljen Kayser-Heintz,<br>Kayser-Mailliet a Heintz-Eiffes |
| Mierschent | 09:00 | Mass zu Éieren vum Hellegen Jousef |
| Housen | 10:30 | Mass |
| *zur selwechter Zäit:* | | **Kannerwuertgottdéngscht** |

| | | |
|---|---|---|
| Veianen-TK | 10:30 | Houmass<br>als 1. Joermass fir Cathérine Hansen-Reiland |
| *zur selwechter Zäit:* | | **Kannerwuertgottdéngscht**<br>*(Sall ënnert der Sodalitéitskapell zu Veianen)* |
| **Méindeg, 17.03.2025** | | **Heiliger Patrick** *(+ um 461)*<br>**Heilige Gertrude von Nivelles** *(+ 659)* |
| Veianen-SA | 10:15 | Mass |
| Holztem | 10:45 | Mass *(Foyer)* |
| **Dënsdeg, 18.03.2025** | | **Cyrill von Jerusalem** *(+386)* |
| Veianen-SB | 10:45 | Mass fir d'Famill Junker-Louis,<br>Mass fir Georges a Cathérine<br>Clees-Schumacher |
| **Mëttwoch, 19.03.2025** | | **Heiliger Josef,**<br>*Bräutigam der Gottesmutter Maria* |
| Housen | 10:00 | Mass *(Kapell)* |
| Bëttel | 18:00 | Mass als Joermass<br>fir Lucie a Camille Heintz-Neumann,<br>Mass fir Felix Eischen,<br>Mass als 1. Joermass<br>fir Cathérine Leonardy-Urbing |
| **Donneschdeg 20.03.2025** | | |
| Longsdrëf | 19:00 | Mass fir d'Verstuerwe vun den<br>Familljen Theis-Kellen a Vaessen-Schnackers |
| **Freideg, 21.03.2025** | | |
| Housen | 19:00 | Kräizwee *(Kapell)* |

## 3. Faaschtesonndeg – «Oculi» – C

***1. Lies.: Ex 3, 1-8a.13-15; 2.Lies.: 1 Kor 10, 1-6.10-12; Ev.: Lk 13, 1-9***

***« Wann dir net ëmdenkt, kommt dir alleguer gradesou ëm! »*** *(Lk 13,3)*

Am Evangelium vun dësem Sonndeg rifft de Jesus äis all radikal an ouni äis ze schounen dozou op, direkt ëmzedenken an eis schlecht Doten a Gewunnechten opzeginn fir u sengem Liewen an um Heel Undeel ze kréien. Muer kann et schonn ze spéit sinn. Mir sollen dat net ëmmernees erauszéien an dem Herrgott seng Gedold zevill strapazéieren. Mee am Gläichnes vum Figebaam liese

mir, datt den Herrgott mat äis Gedold huet, an äis nach eng gewëss Zäit léisst, well hien hofft, datt mir vläicht dach nach gutt Friichten droen. Loosse mir dës Frist vun der Gnod elo grad an der Faaschtenzäit notzen, fir eist Liewen ze erneieren.

| | | |
|---|---|---|
| **Samschdeg, 22.03.2025** | | |
| Veianen-TK | 10:30 | Mass zu Éieren vum hellege Jousef<br>fir d'Confédération de la Toiture Lëtzebuerg |
| Branebuerg | 19:00 | Virowendmass |
| **Sonndeg, 23.03.2025** | | **Heilige Kunigunde** *(+1033)* |
| Stolzebuerg | 09:00 | Mass zu Éieren vun der Muttergottes |
| Houschent | 09:15 | Mass fir Josy Schroeder<br>a fir Thérèse a Nikela Schroeder-Dimmer |
| Housen | 10:30 | Mass |
| *zur selwechter Zäit:* | | **Kannerwuertgottdéngscht** |
| Veianen-TK | 10:30 | Houmass |
| Mierschent | 17:00 | Barockconcert vum KAMMERATA Luxembourg. |
| **Méindeg 24.03.2025** | | |
| Veianen-SA | 10:15 | Mass |
| **Dënsdeg, 25.03.2025** | | **Verkündigung des Herrn** |
| Veianen-SB | 10:45 | Mass |
| **Mëttwoch, 26.03.2025** | | **Heiliger Luidger** *(+ 809)* |
| Housen | 10:00 | Mass *(Kapell)* |
| **Donneschdeg, 27.03.2025** | | |
| | | *Keng Mass* |
| **Freideg, 28.03.2025** | | |
| Housen | 19:00 | Rousekranz *(Kapell)* |

## 4. Faaschtesonndeg – «Lætare» – C

***1. Lies.: Jos 5, 9a.10-12; Lies. 2 Kor 5, 17-21:; Ev.: Lk 15, 1-3.11-32***

***« Kand, du bass déi ganzen Zäit bei mir an alles, wat mäint ass, ass och däint. » (Lk 15,31)***

Dëse schéinen éischte Saz, deen dee gudde Papp zu sengem eelste Jong seet, wann dësen sech bei him iwwer säi Verhale beklot, gëtt oft iwwerlies zu

Gonschte vun der Opfuederung, sech mat him ze freeën, datt säi klenge Brudder lieft an nees heemkomm ass. Hei kommen awer déi ganz Wäertschätzung vum Papp fir sengem Jong seng Trei a seng Aarbecht a seng grenzenlos Generositéit schéin zum Ausdrock. Am Johannesevangelium seet de Jesus en änleche Saz. De Papp am Himmel huet dem Jesus alles uvertraut an de Jesus deelt alles mat sengem Papp. Mir all sinn dozou invitéiert, an dës Vertrautheet an an dës Gemeinschaft, déi et a Gott gëtt anzetrieden. Den Herrgott wëllt keng Sklaven, déi Aangscht virun him hunn, mee Kanner, déi hien gär hunn a fräi säi Wëllen zu hirem Beschten erfëllen.

| | | |
|---|---|---|
| **Samschdeg, 29.03.2025** | | |
| Baastenduerf | 19:00 | Virowendmass fir Pierre Gieres<br>an d'Familljen Gieres-Reding a Weis-Berens |
| **Sonndeg, 30.03.2025** | | |
| Furen | 09:00 | Mass als Stg. fir Famill Steffen-Samson;<br>Mass fir Françoise Mander-Hecker<br>a fir déi lieweg a verstuerwe Membere vun den Familljen Hecker-Weis a Mander-Engel |
| Mierschent | 09:00 | Mass |
| Housen | 10:30 | Mass als Joermass fir Jos Oberlinckels |
| *zur selwechter Zäit:* | | **Kannerwuertgottdéngscht** |
| Veianen-TK | 10:30 | Houmass |
| **Méindeg, 31.03.2025** | | |
| Veianen-SA | 10:15 | Mass |
| **Dënsdeg, 01.04.2025** | | |
| Veianen-SB | 10:45 | Mass |
| Holztem | 10:45 | Mass *(Foyer)* |
| **Mëttwoch, 02.04.2025** | | **Heiliger Franz von Paola** *(+ 1507)* |
| Housen | 10:00 | Mass *(Kapell)* |
| Bëttel | 18:00 | Mass |
| **Donneschdeg 03.04.2025** | | |
| Laaschent | 19:00 | Mass zu Éieren vun der Muttergottes |
| **Freideg, 04.04.2025** | | **Heiliger Isidor** *(+ 636)* |
| Housen | 19:00 | Kräizwee *(Kapell)* |

## 5. Faaschtesonndeg – «Iudica» – C

*Kollekte: « Für 'Partage.lu' - Fastenopfer »*

***1. Lies.: Jes 43, 16-21; Lies.: Phil 3, 8-14; Ev.: Joh 8, 1-11***

***« Wéi vun iech nach ni gesënnegt huet,***
***de soll als éischten e Steen op si geheien ! »*** *(Joh 8,7)*

Mir sinn all ziemlech séier do, fir haart an heiansdo ongerecht iwwer anerer ze uerteelen. Mir maachen äis dobäi oft net emol d'Méi, ze probéieren, si ze verstoen. Mat äis selwer a mat eise Feeler dogéint si mir méi nosiechteg. Mir fannen dann direkt eng Erklärung an eng Entschëllegung a probéieren, d'Saach erofzespillen. Dann trëfft dee Saz, deen de Jesus deene seet, déi d'Fra, déi hirt Bestiednes gebracht huet, bei hien bréngen och äis. Eier mir déi aner veruerteelen a bestrofen, solle mir kucken, wéi et bäi äis ausgesäit. A wéi mir wëlle behandelt ginn, esou solle mir och déi aner Mënschen behandelen. Wa mir dat behäerzegen, da gi mir méi baarmhäerzeg a mir hunn méi Verstehstemech fir déi aner an hir Feeler. An da kënne mir zesummen nei ufänken op deem Wee, deen de Jesus äis mat sengem Verzeien opmécht.

| | | |
|---|---|---|
| **Samschdeg, 05.04.2025** | | **Heiliger Franz Ferrer** *(+ 1419)* |
| Branebuerg | 19:00 | Virowendmass als Stg. fir Hubert Fonk |
| **Sonndeg, 06.04.2025** | | |
| Stolzebuerg | 09:00 | Mass als Stg. fir Anna Kalbusch |
| Houschent | 09:15 | Mass |
| Housen | 10:30 | Mass |
| *zur selwechter Zäit:* | | **Kannerwuertgottdéngscht** |
| Veianen-TK | 10:30 | Houmass<br>als 1. Joermass fir Annette Theis-Weyrich |
| **Méindeg, 07.04.2025** | | |
| Veianen-SA | 10:15 | Gedenkmass fit déi Verstuerwen, gesongen vun der Chorale „Sängerbond" vu Furen |
| Holztem | 10:45 | Mass *(Foyer)* |
| **Dënsdeg, 08.04.2025** | | |
| Veianen-SB | 10:45 | Mass |
| **Mëttwoch, 09.04.2025** | | |
| Housen | 10:00 | Mass *(Kapell)* |

**Donneschdeg 10.04.2025**

| | | |
|---|---|---|
| Longsdref | 19:00 | Mass |

**Freideg, 11.04.2025**

| | | |
|---|---|---|
| Housen | 19:00 | Rousekranz *(Kapell)* |

## Die Heilige Woche – Karwoche – Joreskrees C
## La Semaine Sainte
## Pällemsonndeg – Dimanche des Rameaux

***An alle Massen gëtt de Pëllem geseent***

***Pällemprëssioun: Ev.: Lk 19,28-40***

***1. Lies.: Jes 50, 4-7; 2.Lies.: Phil 2, 6-11; Ev.: Lk 19, 28-40; Lk 22, 14 - 23, 56***

***Déi sëllege Jünger hunn sech gefreet an ugefaang,***
***den Herrgott wéinst all deene Wonner, déi si gesinn haten ze luewen.*** *(Lk 19,37)*

De Jesus huet säi ganz Liewen op der Äerd laang alles zu Eier vu sengem Papp am Himmel gemaach an hien erfëllt säi Wëlle bis zum Schluss. Dat hu seng Jünger verstanen a si luewen dofir den Herrgott fir alles, wat si mam Jesus erlieft hunn. Esou kann de Jesus als de Retter, deen am Numm vum Herrgott kënnt, feierlech an d'Stad Jerusalem anzéien. Vu do un verstommt dat Luef net méi. Dem Jesus eng Feinden kënnen et net ënnerdrécken. Et erklëngt bis haut an der Kierch virun an et begleet äis an dat himmlecht Jerusalem. Loosse mir an all Mass ëmmer nees frou an dëst feierlecht Luef vun de Jünger astëmmen an eise Wee mam Jesus duerch den Doud an dat neit an éiwegt Liewe goen.

**Samschdeg, 12.04.2025**

| | | |
|---|---|---|
| Wuelessen | 18:00 | Virowendmass |
| Baastenduerf | 19:00 | Virowendmass |
| Veianen -TK | 19:00 | Missa em Português |

**Sonndeg, 13.04.2025**

| | | |
|---|---|---|
| Furen | 09:00 | Mass fir d'Famill Karier-Brücher-Peffer |
| Mierschent | 09:00 | Mass fir Leo Wolter-Karier<br>a fir d'Famill Schartz-Brückler |
| Housen | 10:30 | Mass |
| *zur selwechter Zäit:* | | **Kannerwuertgottdéngscht** |
| Veianen-TK | 10:30 | Houmass |

## Ausbléck op de Masseprogramm
## fir déi dräi éischterlech Deeg – Le Triduum Pascal

| | | |
|---|---|---|
| **17.04.2025** | | **Gréngendonneschdeg – Jeudi saint** |
| Baastenduerf | 18:00 | Mass vum leschten Abendmahl fir **Familljen** |
| Housen | 19:00 | Mass vum leschten Abendmahl |
| **18.04.2025** | | **Karfreideg – Vendredi saint** |
| Fasten an Abstinenz | | |
| Veianen-SA | 15:00 | Kräizwee |
| Veianen-SB | 15:00 | Kräizwee |
| Houschent | 15:00 | **Kannerkräizwee** |
| Baastenduerf | 18:00 | Karfreidegliturgie fir **Familljen** |
| Housen | 19:00 | Karfreidegliturgie |
| Veianen | 19:00 | Karfreidegliturgie op franséisch a portugisesch |
| **19.04.2025** | | **Karsamsdeg – Samedi saint** |
| Ouschternuecht – Veillée Pascale | | |
| Baastenduerf | 19:00 | Ouschternuechtfeier fir **Familljen** |
| Housen | 19:30 | Ouschternuechtfeier |
| **20.04.2025** | | **Ouschtersonndeg – Pâques** |
| Stolzebuerg | 09:00 | Ouschtermass, |
| Houschent | 09:15 | Ouschtermass |
| Veianen-TK | 10:30 | Ouschtermass |
| Housen | 10:30 | Ouschtermass |
| **21.04.2025** | | **Ouschterméindeg – Lundi de Pâques** |
| Veianen-SA | 10:15 | Ouschtermass |
| Wuelessen | 10:30 | Ouschtermass |

## *Massbestellungen*

1. D'Massintentiounen mussen **fir d'éischt** am Sekretariat zu Veianen telefonesch (*83 41 13*) oder schrëftlech (per Mail un d'Adress *parc-our@cathol.lu* oder ausgefëlltem Formular) bestallt ginn.
2. **An dann eréischt** kënnt Dir d'Suen op den Kont vun der zoustänniger Kierchefabrik iwwerweisen.
   Gitt w.e.g. den **Numm**, den **Datum** an d'**Uertschaft** vun der gewënschten **Massintentioun** un.

## *Konten fir d'Iwwerweisungen vun de Massintentiounen*

D'Suen fir d'Massintentiounen kënnen op den jeeweilege Kont vun der kommunaler Kierchefabrik iwwerwise ginn. Gitt w.e.g. den Numm un vun der Massintentioun an deen gewënschten Datum, deen mat dem Sekretariat ofgemaach ginn ass:

Fabrique d'église communale de **Vianden**:
**CGP n°6/Fe n°14: CCPL IBAN LU54 1111 0330 8710 0000**

Fabrique d'église communale de **Parc Hosingen**:
**CGP n°6/Fe n°12: BCEE IBAN LU21 0019 4600 0054 8000**
fir Boukelz, Duerscht, Eesbech, Holztem, Housen, Houschent, Houschter-Déckt, Konstem, Näidsen, Roudersen a Wuelessen

Fabrique d'église communale de **Pütscheid**:
**CGP n°6/Fe n°13: BCEE IBAN LU08 0019 3000 0270 3000**
fir Mierschent an Stolzebuerg

Fabrique d'église communale de **Tandel**:
**CGP n°6/Fe n°15: CCRA IBAN LU63 0090 0000 0302 6432**
fir Baastenduerf, Branebuerg a Furen.

An der ganzer Par gëllen déi nei Tarifer vun eiser Äerzdiözes:

- eng Wiertesmass: 20 €
- eng Sonndesmass: 30 €

Fir d'Begriefnisser an d'Hochzäiten kritt Dir eng demande d'offrande.

Kont vum CPG 06 vun der Par a fir Donen fir d'Parkatechees:

**BCEELULL IBAN LU71 0019 5055 3949 6000**

## Kontakt: parc-our@cathol.lu


**Jeannot Gillen** – *Dechen a Moderator*
***Dechenshaus – Presbytère***
45, Grand-Rue – L-9410 Vianden
✆ 83 41 13 / 621 14 72 25
✉ jeannot.gillen@cathol.lu

**Carlos Romário Arnold** – *Paschtouer*
18, Kräizgaass – L-9807 Hosingen
✆ 92 13 45 / 621 83 54 69
✉ carnold2@freenet.de

**Jürgen Kusch** – *Diakon*
✆ 621 19 98 22
✉ juergen.kusch@cathol.lu

**Diego De LIma** – *Diakon*
✆ 661 26 20 62
✉ diego.delima@cathol.lu

Homepage:
***https://cathol.lu/parc-our***

***Parbüro Veianen –***
***Bureau paroissial à Vianden***
**Mandy Hofmann** – *Parsekretärin*
45, Grand-Rue – L-9410 Vianden
✆ 83 41 13
✉ parc-our@cathol.lu


| | |
|---|---|
| *Dënsdes / mardi :* | *09.00 / 12.00 Auer* |
| *Mëttwoch / mercredi:* | *09.00 / 12.00 Auer* |
| | *16.00 / 18.00 Auer* |
| *Freides / vendredi:* | *09.00 / 12.00 Auer* |
| | *14.00 / 16.00 Auer* |

## *Redaktiounsschluss fir de nächste Parbréif:*

20.03.2025/ parc-our@cathol.lu

Wann Dir Är Massen bestellt, passt wannechgelift op, datt déi nächst Por-Bréiwer wéi follegt publizéiert ginn. Villmols Merci!

| ***Parbréif*** | ***Period*** | ***Redaktiounsschluss*** |
|---|---|---|
| 03/2025 | 12.04.2025 – 08.06.2025 | 20.03.2025 |
| 04/2025 | 07.06.2025 – 13.07.2025 | 22.05.2025 |
| 05/2025 | 12.07.2025 – 14.09.2025 | 25.06.2025 |
| 06/2025 | 13.09.2025 – 26.10.2025 | 27.08.2025 |
| 07/2025 | 25.10.2025 – 30.11.2025 | 08.10.2025 |
| 08/2025 | 29.11.2025 – 18.01.2026 | 14.11.2025 |





# ÉISLEKER GOSPELCHOUER

## FREIDEG 07.03.25
## UM 20:00
## ZU
## DUERSCHT AN DER KIERCH

NOM CONCERT SUERGEN
“DI DUERSCHTER”
VIR IESSEN A GEDRENKS OP HIRER
“UUCHT” AN DER SCHOUL

GEMENG PARC HOUSEN

SportJugendKultur Kommissioun
Gemeng Parc Housen

# HOPE

## 10 Joer
## Jugendmass
## Wilwerdang

**Samschdeg,
15. Mäerz 2025
ëm 19:00**

**dono am Sall
Gegrilltes,
Gedrénks a Musek**

LUX YOUTH

ADESSO

One for ALL for One

**23 mars 2025 | 17h00**

Église St. Hubert à Merscheid (Putscheid)

# MEISTERWERKE ZUR ZEIT VON JEAN-JACQUES ROUSSEAU



Photo: © Bohumil Kostohryz

Kammerata Luxembourg

**Musiques de** Georg Philipp Telemann | Carl Philipp Emmanuel Bach | Francesco Barsanti | Domenico Scarlatti | Georg Friedrich Händel | Francesco Geminiani | Jean-Philippe Rameau

**RAFFAELLA BORTOLINI** hautbois baroque et flûte à bec

**ISABEL VAN GRYSPERRE** violon baroque

**BORBALA JANITSEK** viole de gambe

**FONS VAN DER LINDEN** clavecin

**Informations / Réservations :**

Achat de billets uniquement à la caisse du soir | Réservation non obligatoire via info@kammerata.lu

Tickets : 25 € | < 30 ans : 15 €

Kulturpass bienvenu

Réception après le concert

En coproduction avec


Kulturkommissioun Gemeng Pëtschent

Gemeng PËTSCHENT

# Weltgebetstag

**Cookinseln**

**7. März 2025**



**wunderbar geschaffen!**